



Hahn, den Här Yves Cruchten, den Här Jeff Engelen an den Här Marc Goergen ageschriwwen sinn, fir den Accord zu dësem Projet ze ginn.

(Interruption par M. Marc Goergen)

Den Här Goergen wëllt awer nach eppes méi soen.

► **Une voix.** - Et war gutt probéiert.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Et hätt kënne goen.

Discussion générale

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Et hätt kënne goen, jo. Ech wollt just nach eng Kéier kuerz erklären, wat och eis Positioun an der Kommissioun war, fir dat aver komplett ze maachen. Also, mir hu grondsätzlech guer näischt dergéint ze soen a mir begreissen och, dass dat Gesetz kënnt. Et ass awer d’Kritik, déi bei engem Wuert ass, an zwar bei „sensiblement“ virum dem Wuert „Code de la route“, oder „sensiblement“ den Trafic beafloossen.

Mir stéieren eis wéi och d’Polizisten um Wuert „sensibel“, well do gi mir de Polizisten um Terrain vill Verantwortung. Besser wier ze soen „wann en Auto de Code de la route stéiert“ ouni „sensibel“. Well wann elo e Polizist eng Kéier net ofschleefe léisst, da riskéiert hien herno d’Verantwortung ze droen, well en d’Situatioun als net sensibil ageschat huet. Do wär et besser, dat Wuert ewechzeloossen, fir de Polizist net engem Risiko auszesetzen.

Mir begreissen, dass an der Kommissioun eise Kommentar berücksichtegt ginn ass an elo och eng Informatioun un all Polizist wäert erausgoen, wéi dat Wuert besser ze bewäerten ass an der Situatioun.

Bis op dee Punkt gesi mir awer kee gréissere Problem mat dem Gesetzestext a géifen eisen Accord hefir ginn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Goergen. Dann huet d’Regierung d’Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - D’Regierung schléisst sech deem un.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi 7275. Den Text steet am Document parlementaire 7275³.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 7275 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmen fänkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Fañchoise Hetto-Gaasch), MM. Emilie Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Fañchoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Marco Schank), Marc Lies (par M. Marc Spautz), Georges Mischo (par Mme Octavie Modert), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

12. 7414A - Proposition de révision de l’article 95ter de la Constitution

Als Nächst hu mir d’Verfassungsöfännerung 7414A iwwert d’Suppleanté fir d’Riichter vum Verfassungsgericht. Et sief drop higewisen, dass laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. De Vote par procuration ass net erlaabt. D’Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D’Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d’Wuert.

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

► **M. Léon Gloden (CSV), rapporteur.** - Merci, Här President. Mir änneren den Owend ... oder et gëtt proposéiert, den Owend en Deel vun der Verfassung ze änneren, nämlech den Artikel 95ter, deen iwwert d’Cour constitutionnelle geet, also d’Verfassungsgericht, dat héchst Gericht, wat mer hei am Rechtsstat Lëtzebuerg hunn. D’Emännerung vun der Cour constitutionnelle ass virgesinn an der globaler Verfassungsreform vun der Proposition Nummer 6030.

Firwat elo hei déi virgezunnen Ännerung vun engem Deel vun dem Verfassungsgericht? Et huet sech erausgestallt, dass eng gewëssen Urgenz do besteet, well an enger präziser Affär d’Cour constitutionnelle net ka siegëieren.

Firwat ka se net siegëieren? Dat kënnt duerch d’Kompositioun vun der Cour constitutionnelle, well déi souzesoe keng Vollzäitrichter an deem Organ huet, mä dat sinn haaptsächlech Riichter aus anere Juridictionen. An där Juridiction, déi de Renvoi vun där Affär bei d’Cour constitutionnelle prononcéiert huet, do setzen och zum Deel déi Riichter an der Cour constitutionnelle, soudatt et net méiglech ass, dass d’Cour constitutionnelle siegéiert.

Et war e Colloque 2017 eng Kéier organiséiert ginn ënnert dem Titel « Les 20 ans de la Cour constitutionnelle : trop jeune pour mourir ? ». Mir wëllen net, dass se stierft an dass se och net den Hick kritt, well dat kéint och emol interpretéiert ginn als en Déni de justice, wann eng Juridiction net ka siegëieren. Ech mengen, mir hunn haut vill iwwert de Rechtsstat geschwat, a mir wëllen, dass de Rechtsstat tadellos funktionéiert.

Wat ännere mer oder wat proposéiere mer ze änneren? Op där enger Säit proposéiere mer, Suppleanté bei der Cour constitutionnelle anzeféieren, wéint eben deem Problem, dass d’Riichter, déi an der Juridiction de renvoi setzen an an der Cour constitutionnelle setzen, e Conflit d’intérêt hunn - nenne mer et emol esou -, dass déi kënne duerch Suppleanten ersat ginn.

Déi Iddi vun de Suppleanten, Här President, ass net nei. Si ass scho regelméisseg op Neijerschdagsreceptione vun der Cour opgeworf ginn. Si ass och an deem Colloque do opgeworf ginn.

An et war d’ailleurs schonn 2010 eng Tentative vum Ministère de la Justice, fir den Artikel 95ter ze änneren, wat deemools awer net geschitt ass.

Eng zweet Tentative ass 2012 probéiert ginn, wou an engem Projet de loi proposéiert gi war, d’Zuel vun 9 op 10 Memberen eropzesetzen. Domadder war de Statsrot awer net d’accord, an am Fong och mat Recht, well d’Kompositioun vun dem Verfassungsgericht an der Konstitioun festgeluecht ass, soudatt een déi net einfach duerch e Gesetz kann änneren.

D’Iddi vun de Suppleanten, déi steet an der Proposition de loi, déi vum Paul-Henri Meyers deposéiert ginn ass, wou dann d’Suppleanté virgesi waren, well mer waren eis an der Institutionskommissioun där Problematik bewosst opgrond vun all deenen Interventiounen. Et stoung awer keng Zuel vun de Suppleanten an där éischter Proposition.

An hei, no Diskussiounen, ware mer der Meinung, et wier gutt, dass mer eng Zuel vu Suppleanté géifen drasetzen. An hei hu mer elo proposéiert, 7 Suppleanté bei der Cour constitutionnelle bäizesetzen, well mer der Meinung sinn, 7, dat misst duergoen, fir dass d’Cour constitutionnelle an Zukunft ka siegëieren, ouni dass e Conflit d’intérêts nach kéint opkommen.

Ech erënneren och drun: Wa mer dat haut stëmmen, musse mer jo souwiso nach en zweete Vote constitutionnel maachen an et muss och nach e Gesetz deposéiert a gestëmmt ginn. Do hate mer och eng éischt Diskussionsronn an der Institutionskommissioun iwwert de sougenannten „Avant-projet de loi“, mengen ech, huet et scho geheescht, Här Minister, wou mer nach iwwert d’Zuel vun de Suppleanten diskutéiert haten. Ech mengen, et waren der 9 proposéiert ginn. A mir hu finalement de Chiffer vu 7 zrëckbehalen.

Da maache mer och nach eng, oder proposéiere mer nach eng Ännerung an der Kompo-

sitioun oder doranner, wéi se siegéiert, besser gesot. Haut steet am Text, dass d’Cour constitutionnelle an enger Chamber vu 5 siegéiert. Mir waren awer der Meinung, vu dass et dat iewescht Gericht vun eisem Land ass, dass a ganz wichtegen Affäre souzesoen de Plenum ka setzen. An dat hu mer dann och an dës Proposition mat eragesat. Dat heescht, wann eng Affär unhängeg ass, wéi et am Text steet, déi eng Importance particulière huet, da kann d’Cour constitutionnelle an der voller Formation setzen, also mat 9 Leit.

Mir haten als CSV dunn och proposéiert, dass mer nach den Effet vun den Arrête prezisiéieren, well dat ass am Fong och ee vun den Hauptproblemer haut am Kader vum Fonctionnement vun der Cour constitutionnelle. Wann d’Verfassungsgericht eng Dispositioun vun engem Gesetz inconstitutionnel deklaréiert, da steet am Text am Fong net direkt, wat fir eng Konsequenzen dat huet.

Et war och e bëssen e Message un de Legislatuer, dass dee soll agéieren innerhalb vun engem gewëssenen Delai. Mir hunn eis do inspiréiert zum Beispill bei der éisträichescher Verfassung, wou mer gesot hunn: D’Cour kann decidéieren, dass een Zäit huet, innerhalb vun zwielef Méint eppes ze maachen. Leider war de Statsrot do net ganz d’accord. De Statsrot huet eng Rei Froen opgeworf, fir deem Artikel ze prezisiéieren, fir dass et kloer ass, wat en Effet inter partes ass, wat en Effet à moyen / à long terme ass; fir dat elo emol hei graff ze resuméieren.

A mir hunn och dunn an der Institutionskommissioun decidéiert, deem Text nach eng Kéier ze änneren. Dat bréngt natierlech e Renvoi erëm eng Kéier bei de Statsrot mat. Duerfir kënne mer dee Volet haut hei net ofstëmmen. Mir waren eis awer an der Institutionskommissioun eens, dass mer géife probéieren, wa mer deem zweete Vote constitutionnel vun dëser Proposition maachen, dass een dann den éischte Vote constitutionnel vun där Partie iwwert den Effet vum Arrêt vum Verfassungsgericht ka maachen. Dann huet dat awer e gewëssene Lien, well et gehéiert alles zesummen.

An ech ginn dann och den Accord vu menger Fraktioun. Mir stëmme jo herno eenzel of.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gloden. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Beissel agedroen. Madamm Beissel, Dir hutt d’Wuert.

Discussion générale

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, fir d’Éischt en häerzleche Merci un den Här Rapporteur Léon Gloden fir säin exzellente schréftlechen a mündleche Rapport an dëser dach llicht komplizierter Matière.

Här President, Dir Damm an Dir Hären, ech stinn haut virun lech mat engem laachenden an engem kräischenden A.

Fir d’Éischt mä laachend A, et ass zu spéider Stonn, mä och fir eng gutt Laun, dass ech mech immens freeën, dass mer et elo fäerdegbréngen, mat dëser Revisioun en Hick aus eiser Konstitioun erauszehuelen, deen eis scho laang Méint Kappzerbrieche bereet huet an deen och eng Affär op der Cour constitutionnelle blockéiert huet. Et war eis also immens wichteg, dësen Artikel 95ter aus dem ganze Package vun der Reform erauszehuelen an en u sech virzezéien, fir dass mer déi Saach kënne regulariséieren/komplettéieren.

Wéi mer duerch d’Gesetz vum 27. Juli 1997 endlech an als bal lescht Land vun europäesche Kontinent e Verfassungsgericht zu Lëtzebuerg kritt hunn, an dann Diskussiounen waren - Contrôle ex post, Contrôle ex ante - a mer decidéiert haten, mir géifen nëmme professionell Riichter do drasetzen, ware mer frou, dass mer déizäit néng ganz kompetent Magistrate fonnt hunn, wat u sech Presidente ware vun eisen ieweschte Gerichter, an nach dichteg Conseilleren.

An u sech, esou wéi d’Atmosphär déizäit war, huet sech net direkt d’Fro, well mer néng Magistraten agesat hunn, vun de Suppleanté gestallt. Mir ware frou, dass mer dat do hikritt hunn a mir hu geduecht, dat géif mat der Mobilitéit duergoen, déi tëschent eise Gerichter besteet.

Dofir ass et elo wichteg, dass mer dës Revisioun maachen. Elo komme siwe Suppleanten. Mir hoffen, dass dat duergeet. An dee Moment ass eist Verfassungsgericht nees eng Kéier voll operationell.

Ech muss awer dann och zu mengem zweeten a kräischenden A kommen. Wéi mer an der Institutionskommissioun déi lescht Méint zesumme geschafft hunn, hu mer all zesummen an iwwerpartieel decidéiert, dass mer dat hei

géife maachen. Mir géifen den Artikel 95ter aus dem Package eraushuelen, fir ebe just d’Situatioun ze regulariséieren, fir méi séier ze schaffen a fir dass d’Verfassungsgericht erëm eng Kéier, wéi gesot, kéint senge Flichten a senge Missiounen gerecht ginn.

Wat keen, oder jiddefalls ech net, vläicht war ech blauäueg, sech geduecht huet, wéi mer dat hei preparéiert hunn, an dofir soen ech „e kräischend A“, dat ass, dass dës Revisioun vläicht elo fir eng länger Zäit, an, ech hoffen, net ze vill laang Zäit, déi lescht ass, déi mer als Modifikatioun vun eiser gudder aler Verfassung vum 17. Oktober 1868 da virhuelen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Déi ass gutt!

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Här President, ech war consternéiert iwwert déi Saachen, déi ech an de leschte Wochen hu missen an der Press liesen. Wéi gesot, mir hunn all déi Joren un där Konstitioun geschafft. Mir hu versicht, iwwerpartieel rasonabel, mat gesondem Mënscheverstand, mat engem gudden Demokratieverständnis, mat enger Sensibilitéit fir de Lëtzeburger System a mat enger Kenntnis vun de Force-profondë vun eiser Populatioun an eisem Land virzegoen.

Dat hu mer dunn déi lescht Méint fäerdegbruecht. Haut hu mer dat beschte Beispill, dass mat dem rasonabele Verhalen an dem Verantwortungsgéfill vun der Oppositioun mer dësen Artikel elo hikiréien, dee wichteg ass fir eis Institutionen. An dofir muss ech eben elo soen „e kräischend A“, well, mir wëssen alleguerten: Mir brauchen eng Verfassung, déi et erlaabt, dass all eis Pouvoir kënne effikass schaffen am Interessi vun de Lëtzeburger Bierger an och eng zolidd Protektioun vun eise Grondrechter garantéieren.

Dofir erlaabt mer, an ech wäert dann domat ophalen, e gentilen Appell un d’CSV: Wéi Der et elo haut fäerdegbruecht hutt, wou Der rasonabel a verantwortungsvoll waart, wär ech ganz frou, wann Der bei der grousser Reform och géift zu Ärem Wuert stoen. Ech mengen, eleng och fir l’Honneur ze maachen eisem aller Kolleeg, dem Paul-Henri Meyers, dee sech während laange Joren all Méi ginn huet, mat lech an eis zesummen, fir en uerdentlechen Text ze kréien, zu deem mer eigentlech stoungen. An Dir wësst, et ass Tour de France, an ech wier frou, wa mer och an absehbarer Zäit déi grouss Reform iwwert d’Ligne d’arrivée géife kréien.

Ech bréngen den Accord vun der DP-Fraktioun an ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Beissel. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi de Rapporteur, de Léon Gloden, et ganz richtig bemierkt huet, ass deen heite Projet vun der Revisioun vun eiser Verfassung ee Stéck, wat lassgebrach ginn ass vun dem gesamte Projet vun der neier Verfassung fir Lëtzebuerg, un deem mer elo zënter méi wéi 15 Joer gemeinsam schaffen.

Mir hunn dat gemaach op Demande hi vun den héchste Gerichtsinstanzen. An d’Regierung huet sech e bëssen de Porte-parole gemaach vun deenen Doleancen, déi d’Gerichtsinstanzen an notamment d’Vertrieder vun der Cour constitutionnelle virbruecht hunn, well se effektiv e ganz praktesche Problem ze léisen hunn, wat hir Capacitéit ugeet, fir an engem präzise Fall kënne an enger utiller Kompositioun zesummesetzen, fir eng Decisioun ze huelen.

An et kann eiser Meinung no net sinn, dass u sech dat iewescht Gericht, wat do ass, fir d’Verfassungsméissegkeet vun de Gesetzter ze kontrolléieren, net méi kann an engem Fall tagen an dass et och souguer net abwegeg ass sech virzustellen, dass sech och an nächster Zukunft nach äänlech Problemer vun Zesummesetzung vun der Cour constitutionnelle géife stellen.

Duerfir hu mer gemeinsam decidéiert, fir deen heite Punkt virzezéien. Et war e Wonsch da gläichzäiteg, déi aner Froen, déi mat dem Verfassungsgericht zesummenhängen, och da virzezéie par rapport zum gesamte Projet vun der neier Verfassung.

Hei zéie mer elo dee méi wichtegen an urgentste Wee vir, wat d’Kompositioun vun der Cour constitutionnelle ugeet, mat der Méiglechkeet also haaptsächlech, fir och Jugesuppleanten hei virzeginn, siwe Stéck un der Zuel, déi op déiselwecht Aart a Weis genannt gi wéi déi fest Membere vun der Cour constitutionnelle, dat heescht also vum Grand-Duc genannt ginn, an no Avis conjoint vun der Cour supérieure de justice a vun der Cour administrative.



Wichtig war et, fir si och déiselwecht Onofhängegkeet ze garantéieren, déi eis Verfassung haut schonn den effektive Membere vun der Cour constitutionnelle garantéiert. Mir hu keng politesch Nominatiounen bei eise Verfassungsgeriicht. Mir sinn eng vun deene raren Demokratien, dat esou e Verfassungsgeriicht hunn, wat nëmmen aus professionnelle Riichterinnen ze sammegesat ass. Dat gëtt och heimatdier net geännert.

Och op Wonsch eigentlech vun der Cour constitutionnelle selwer, wou mer och direkt e Gespréich mat hinnen haten, ass hei och eng aner Iddi erakomm, dass an aussergewöhnleche Fäll, wou et sech ëm besonnesch wichteg Affären handelt, d'Cour net an hirer normaler Zesummesetzung vu 5 Membere zesummekënnt, mä a Plenarform vun hiren 9 Membere zesummekënnt. Dat soll selbstverständlech d'Exceptioun bleiwen. Et kann ee sech awer virstellen, dass et a ganz wichtige prinzipielle Fäll ubruecht ass, fir esou eng ganz speziell Kompositioun dann och virzugesinn. Déi Méiglechkeet schafe mir heimatdier.

De Corollaire vun deem heiten Text, wa mer en elo hei mat den néidege Majoritéit guttheeschen, heescht och, dass schnellstens muss e Projet de loi net nëmmen abruecht ginn, mä och behandelt ginn, a praktesch zäitgläich mat der Akraafttiedung vun de Verfassungsännerungen nom zweete Vote constitutionnel, datt dann och d'Gesetz iwwert d'Organisatioun vun der Cour constitutionnelle ugepasst gëtt un deen neie Verfassungstext.

Dat si kleng Modifikatiounen, déi musse gemaach ginn. Mä ouni dat kann eigentlech déi Verfassungsbestëmmung net gräifen, wann net d'Ausféierungsgesetz och parallel dozou a Kraaft gesat gëtt. Ech ginn dovunner aus, dass d'Regierung do all Dispositiounen geholl huet, fir dass dat méiglech gëtt an dass d'Chamber natierlech och wäert hëllefen, dass dat dote kann esou zäitgläich geschéien.

Mir hunn nach en zweete Volet elo unhängeg, dee wéinst der Diskussioun mam Conseil d'Etat nach net an deemselwechte Stadium ass, fir hei scho kënnen am éischte Vott gestëmmt ze ginn. Dat betrëfft déi wichtig Fro vun den Effete vun den Decisiounen vun der Cour constitutionnelle, wou mer en neie Wee wëlle goen an nei Propositionen de texte gemaach hunn, an och eng aner Propos, déi mer gemaach hunn, fir eng Ausweidung vun de Kompetenzen iwwer Gesetz mat Majoritéit qualifizéiert kënnen ze decidéieren. Mir denken do zum Beispill, fir der Cour constitutionnelle iwwert de Gesetzeswee d'Kompetenz ze ginn, als Geriicht iwwer Wahlen kënnen ze fungéieren, sief dat bei de Chamberwahlen, sief dat bei den Europawahlen.

Ech wëll net hei an deem Moment op déi Fro agoen, wéi et weidergeet mat der Verfassungsreform. Ech mengen, dat soll een an aller Rou diskutéieren, fir d'Éischt an der Kommissioun. An deemno wéi déi Diskussiounen do lafen, mengen ech, dass mer net derlaanscht kommen, eis dann hei och eventuell mat där doter Fro, wéi et weidergeet mat der globaler Verfassungsreform, am Plenum eng Keier ausenanesetzen.

Ech hoffen, dass déi gemeinsam Absicht nach ëmmer do ass, dass mer dat heite Wierk - wat net d'Wierk vun enger Partei ass, wat net d'Wierk vun zwou Parteien ass, mä dat ëmmer den Accord hat vun der breeder Majoritéit vun deem Parlament - kënnen op e gutt Enn féieren an dass net am Endeffekt parteipolitesch Spillercher d'Iwwerhand kréien.

Merci.

Dat gesot, wäert d'LSAP selbstverständlech deen heiten Text stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bodry. Den nächsten ageschriw-

wene Riedner ass den honorabelen Här Henri Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Merci, Här President. Och ech schlësse mech scho mengen dräi Virriedner un iwwert d'Wichtigkeet vun där Reform oder där Ännerung, enger virgezunnen Ännerung vun eiser neier Verfassung. Ech wëll awer och net ausloossen, dem Rapporteur hei Merci ze soe fir seng Ausféierungen. En huet schonn de Gros hei explizéiert, firwat mer hei awer e Blocage wëllen ophiewen, well et net méi zu enger Constitution ka kommen, well déijéineg Riichterinnen dann an iergendenger Form schonn eng Keier derbäi befaange sinn.

Dës Reform, mengen ech, ass och e wichtige Bestanddeel vun der neier Verfassung, déi mer jo, wéi gesot, hei virzéien. Éischens gëtt et dem Verfassungsgeriicht e bessere Fonctionnement doduerch, dass och Suppléanté genannt ginn. An, wéi den Alex Bodry just grad virdru gesot huet: Et ass jo net nëmmen, dass se an enger normaler Kompositioun vu 5 kënnen siegéieren, mä wann d'Wichtigkeet et verlaangt, dass et och an enger Plenièreform kann de Fall sinn an dass e Maximum vun 9 oder hirer Unzuel ka gemaach ginn.

Zur Form, mengen ech, ass alles gesot, zu deem Gesetz. Vlächcht nach dass mer awer och eng ganz interessant Debatt oder Kommissiounssetzung mat den dräi ieweschte Riichterinnen, déi och do implizéiert sinn. Et waren engersäits de President vun der Cour supérieure de justice an och de President vun der Cour administrative vu Lëtzebuerg, awer et war och de Procureur général d'Etat adjoint, déi associéiert waren, wou mer u sech och nach eng Keier iwwert d'Wichtigkeet geschwat hunn an och nach eng Keier op d'Onofhängegkeet vun eise Stat higewisen hunn.

Ech mengen, fir eis ass et selbstverständlech, dass de Stat an enger Onofhängegkeet soll bleiwen. Déi dräi Gremie solle getrennt sinn: d'Justiz, mir hei als Chamber an natierlech och d'Exekutiv. Duerfir, d'Verfassung gesäit jo vir, dass de Minister kéint awierken. An där neier Verfassungsreform ass dat jo net de Fall. An ech mengen, et ass och wichtig esou, dass mer dat bäibehalen. Mir haten och d'Diskussioun, dass d'CSV ee Moment wollt do bei där aler Propos bleiwen. Ech mengen, mir sollten do net méi dru rüttelen. An dofir war déi Diskussioun ganz wichtig an och richtig. Et ass net un der Politik ze decidéieren, wéi eng Justiz ka fonctionnéieren an hirer Form, wat d'Emsetzung ugeet.

Dofir hu mer och hei jo an där Diskussioun gesot - et ass och am Virfeld, wou d'Demande komm ass vun der Justiz, déi Ännerung virzéien -, dass net e Minister sollt awierken op d'Nominatioun a vlächcht bewierken, dass deen een oder deen aneren ersat soll ginn, mä dass d'Justiz sech selwer an hire Gremien a mat hire Prozeduren, mat hire Kodexen esou opstellt, fir dat nom Gesetz, no der Deontologie, déi si sech ginn, och ëmzesetzen. Dofir sinn ech awer u sech och ganz frou, dass mer dat ...

An da kommen ech zur Form vun deene ganzen Debatten. Ech si jo nei an där Kommissioun, säit engem hallwe Joer. Ech muss soen, dass et eng Kommissioun ass, wou et wierklech parteiwwergräifend ëm de Fong geet. An et ass, ech si jo och schonn eng gewëssen Zäitche hei, eng Kommissioun, déi mer wierklech Spaass mécht, well et net déi parteiüblech Abgrenzung sinn a wou de Fong debattéiert gëtt, an dat wierklech kontrovers an deels och net onbedéngt innerhalb vun de Parteien, op darselwechter Linn awer.

An dat ass awer, wat ech dat lescht halleft Joer geléiert hunn, dass mer herno fäeg sinn, an dat hu mer och hei fäerdegbruecht no längeren Diskussiounen an och kontroversen Debatten, dass mer zu engem Konsens fonnt hunn. An ech wënsche mer, dass dee Konsens sech och

weiderhin an där neier Verfassungsreform widderispigelt an dass mer derzou fäeg sinn, am Geescht vun engem moderne Land, wéi mer et jo och wëllen dobaussen duerstellen, an et och fäerdegbréngen, dat eriwwerzékéien.

Et si sécherlech nach Punkten, déi debattéiert ginn. Ech erënnere mech drun, wéi mer ugefaangen hunn, dass de President vun der Kommissioun, den Här Bodry, gesot huet: „Mir maache jo « Consultation et information ».“ Et schlësst jo net aus, dass mer bei der Consultatioun déi eng oder aner Iddi nach opgräifen, fir déi Verfassung nach besser ze maachen, wéi se elo schonn deels iwwert déi lescht 15 Joer entstanen ass.

An domadder bréngen ech dann awer och den Accord vun der grénger Fraktioun fir dës Ännerung.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kox. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, villmools Merci, Här President. Ech wëll och dermat ufänken, fir dem Här Gloden Merci ze soe fir déi Erklärungen, déi hien eis ginn huet. Et ass eng wichtig Ännerung an eiser Verfassung, awer u sech eng relativ kleng, well se just d'Zesummesetzung vun Verfassungsgeriicht betrëfft.

Mir mengen awer, als ADR op jidde Fall, datt mer och mussen iwwert d'Kompetenz vun Verfassungsgeriicht nodenken. An et ass eise bestännege Wonsch iwwert déi lescht Joren ëmmer gewiescht, datt mer och de Contrôle ex ante vun de Gesetzzer erméiglechen, datt mer och den Institutiounen vun Land d'Méiglechkeet ginn, eng Verfassungsméissegkeet, eng Verfassungskonformitéit vun engem Gesetz zum Beispill präiwen ze loossen, ier mir et hei stëmmen. A mir wëllen och esou wäit goen, datt mer méiglechst all Bierger am Land och d'Méiglechkeet ginn, och baussent engem Prozess, den Zougang zum Verfassungsgeriicht ze kréien.

Mir sinn also do wäit op. An Dir verstitt, datt mer elo dat, wat mer haut hei maachen, als nëmmen e klenge Schrëtt gesinn an datt mer aner Ambitiounen hu fir eise Verfassungsgeriicht, wéi dat, wat am Abléck diskutéiert gëtt, och wéi dat, wat diskutéiert gëtt am Kontext vun enger eventueller méi grousser Verfassungsreform.

Dat Zweet, wat ech wëll ënnersträichen, ass, datt mer hei duerch eng punktuell Ännerung jo eppes maachen, wat mer fir richtig halen a wou jo och bewise gëtt: Et ass méiglech, et ass sënnavoll. Mir kënnen eng Verfassung, déi eis gutt Déngschter gelescht huet, ëmmer erëm punktuell änneren, fir se un d'Noutwendegkeeten ze adaptéieren, fir se ze moderniséieren do, wou et méiglech an néideg ass. Dofir brauche mer net onbedéngt - an, ech mengen, dat ass och en Element, wat mer sollen zréckbehalen - eng nei Verfassung, fir e moderne Stat an e moderne Rechtsstat ze sinn. Dat ass en Element, wat mer och sollten am Hannerkapp behalen.

Mir hunn och als ADR nach eng Rei punktuell Verfassungsännerungen a Form vu Propositionen de loi proposéiert. Déi eng betrëfft d'Lëtzeburger Sprooch, déi aner de Statut vun den Déieren. Och déi sollte mer hei an d'Pleniè huelen an driwwer ofstëmmen. Si wären e wichtige Bäitrag, fir eis Verfassung ze perfektionéieren.

Iwwert déi nei Verfassungsreform, och do huet d'ADR eng bestännege Positioun gehat, am Wahlprogramm, op eise Kongresser. Mir denken, datt mer de Leit solle konkret Froe stellen, e bëssen nom Modell vun 2015, an opgrond vun der Decisioun vun de Leit iwwer wichtig Froen den Text vun der Verfassung redigéieren.

A mir freeën eis, datt d'CSV an deene leschten Deeg och e bëssen an déi Richtung denkt an dat annonciéiert huet. Mir denken, dat ass dee richtige Wee, amplaz e fäerdeg Text dohinnerzeleeën, de Leit ze vertrauen an hinnen d'Verantwortung ze ginn, d'Méiglechkeet ze ginn, fir hir Meenung iwwer wichtig Orientéierung vun der Verfassung ze ginn, iwwert de Wee vun Referendum, ier mer an eng redaktionell Phas antrieden.

Dat gesot, wäert d'ADR dës Verfassungsännerung mat ënnerstëtzen. Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kartheiser. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat heiten ass eng kleng Ännerung, déi absolutt néideg ass, fir de Fonctionnement vun der Cour oprechtzëerhalen. Ech mengen, et goufen ewell Interessekongflikter, et goufen ewell Problemer, fir nach eng Kummer zesum-

menzékéien. Deementspreechend sollte mer dat heiten haut mat breeder Majoritéit stëmmen am Interêt vun Fonctionnement vun Geriicht.

Ech wëll awer, äänlech wéi de Kolleeg Fernand Kartheiser, eppes umierken zum Rôle vun Verfassungsgeriicht insgesamt. Mir hunn do eng aner Opfaassung wéi d'ADR.

Mir sinn der Meenung, datt net den Ex-ante-Contrôle vu Gesetzzer misst néideg sinn. Duerfir hu mer nach ëmmer de Statsrot an der aktueller Kompositioun. Mir wären awer ganz frou, wa mer an deem Debat och eng Keier géifen iwwert d'Direkturuffbarkeet no däitschem Modell vun engem Verfassungsgeriicht duerch Bierger, fir en Ex-post-Contrôle vun der Verfassungsméissegkeet vu Gesetzzer diskutéieren.

Zum Thema Verfassungsreform insgesamt, mengen ech, gëtt an deenen nächste Wochen, Méint a wahrscheinlech och nach méi wéi engem Joer vill geschwat. Duerfir wäert ech mech elo drop beschränken, hei zum Verfassungsgeriicht ze schwätzen. An ech ka soen, datt d'Piraten hiren Aval ginn.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. An dann huet den honorabelen Här Léon Gloden nach eemol d'Wuert gefrot.

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Ganz kuerz. Merci, Här President. Ech hat virdrun als Rapporteur geschwat, en objektive Rapport. Ech wëll just ganz kuerz op eis Propos vun der CSV par rapport zu der Verfassungsreform zréckkommen. Den Här Bodry huet gesot, datt dat an enger vun den nächsten Institutiounskommissiounen Objet vun der Diskussioun wier. Duerfir wëll ech elo net hei an den Detail goen.

Mir haten an eise Wahlprogramm kloer eng Consultatiounsdebatt stoen. Mir haten am Wahlprogramm kloer stoen, datt mer bereet sinn, wann do nei Iddien erakommen, déi mat eran an d'Diskussioun ze huelen. De Premier huet mat engem Bréif un d'Fraktiounen d'Diskussioun iwwer eng eventuell Ofännerung vun Wahlsystem opgemaach. Verschidde Parteien hunn dorobber geäntwert.

Ech mengen, wann ech déi Wieder huelen, déi den Owend hei gefall sinn, „e gutt Demokratieverständnis“, „verantwortungsvoll Consultatiounsdebatt“, „mat Iddien erabrëngen“, dat alles wëlle mir als CSV maachen. Duerfir, mengen ech, ass et ubruecht, datt een en eierlechen Dialog mat de Bierger a Biergerinnen dobausse féiert, éier een en Text vun 100 Artikelen ofstëmmt.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gloden. D'Regierung huet d'Wuert. De Justizminister Félix Braz.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. Ech hunn den Debatten näischt bäizefügen. Dat hei ass eng ureegen Attribution vun der Chamber. Ech wëll just Merci soen, dass d'Chamber esou séier konnt reagéieren op déi Sollicitatioun. Dat ass jo ganz séier duerch d'Institutioun gaangen. Dofir och e Merci un de Rapporteur fir säi mëndlechen a schriftleche Rapport, un déi ganz Kommissioun an natierlech och un d'Pleniè.

Ech wëll just nach preziséieren, dass de Projet de loi bei mir am Ministère nach dës Woch wäert un de Regierungsrot erausgoen, soudass deen déi nächst Woch oder spëtstens déi Woch duerno am Regierungsrot misst kënnen adoptéiert ginn. An da kann och deen op den Instanzewee goen, fir dass mer dann am Hierscht déi heiten Texter, gläichzäitig hoffentlech, wäerte kënnen a Kraaft triede loossen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Braz. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zum éischte Vote constitutionnel iwwert d'Propositioun 7414A. Den Text steet am Document parlementaire 7414A². Et ass eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

Vote sur la proposition de révision de la Constitution 7414A

D'Ofstëmme fänkt un. De Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat ass folgend: 58 Jo-Stëmmen. D'Propositioun ass mat 58 ...

(Interruption)

Le saviez-VOUS ?

BUREAU DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Le Bureau, élu par la Chambre, se compose du Président, de trois Vice-Présidents et de neuf membres au plus. Le Secrétaire général fait partie du Bureau sans toutefois pouvoir participer aux votes. Le Bureau représente la Chambre sur le plan national et international et règle les questions financières et d'organisation concernant les députés, le Parlement et ses organes. Par ailleurs, il s'occupe de la gestion des affaires de la Chambre et prend les décisions relatives au personnel de l'administration parlementaire.



Pardon! D'Proposition de révision de la Constitution 7414A ass mat 48 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Enthaltung am éischte Vote constitutionnel ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mme Diane Adehm, MM. Emile Eicher, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz et Claude Wiseler ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn et Mmes Carole Hartmann ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen et Fernand Kartheiser ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

M. David Wagner.

Et ass also esou decidéiert.

13.7386 - Projet de loi portant modification :

1. du Code de procédure pénale ;

2. du Nouveau Code de procédure civile ;

3. de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire ;

4. de la loi modifiée du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse ;

5. de la loi modifiée du 16 juin 2004 portant réorganisation du centre socio-éducatif de l'État ;

6. de la loi modifiée du 7 juin 2012 sur les attachés de justice

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 7386, eng Rei Redressement a verschiddene Gesetzzer am Beräich vun der Justiz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

► **M. Charles Margue** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Et geet em de Projet de loi 7387, e ganz technesche Gesetzesprojet. Ech wëll lech net laang belästegen no deem méi fundamentale Gesetz, wat mer elo ugeholl hu fir d'Verfassung.

Et geet an éischter Linn drëms, eng Partie Ongenauegkeeten an Erreurs matérielles ze behiewen, déi sech an eng Rei Gesetzestexter ageschlaach hunn, dëst am Kader vun verschiddene Reformen, déi an deene leschte Joren hei am Haus gestëmmt gi sinn, wéi zum Beispill d'Exécution des peines, d'Afféiere vum Juge aux affaires familiales oder d'Gewalt géint Fraen an haislech Gewalt.

Fir mech elo kuerzefaassen, hei kuerz de Werdegang. Den Depot war den 31. Oktober 2018. Den Avis vum Parquet war de 26. Oktober 2019, dee vun der Cour supérieure de justice den 30. Oktober 2019. Mir hunn an zwou Sitzungen am Laf vum März 2019 an der Kommissioun elo Amendementen ugeholl. De Statsrot huet den 12. Juni (veuillez lire: de 5. Abrëll säin Avis) an den 2. Juli säin Avis complémentaire ginn, an d'Kommissioun konnt dëse Rapport den 3. Juli unhuelen. Ech soen dofir och all de Memberen an der Kommissioun Merci, dass mer mat där acceleréierter Prozedur dann haut kënnen de Gesetzestext zur Ofstëmmung bréngen.

Mir verbessern de Code de procédure pénale, den Nouveau Code de procédure civile, d'Organisation judiciaire, d'Protection de la jeunesse, an d'Reorganisation vum Centre socio-éducatif vum Stat, a schliisslech och nach d'Loi modifiée vum Juni 2012 iwwert d'Attachés de justice.

Nieft enger Partie Ongenauegkeete klenger Natur an den Texter sinn och nach Numerotatiounen verbessert ginn.

Ech géif elo hei zwee, dräi Punkten ervirhiewen.

Zum Beispill kann elo am Code de procédure pénale bei der Demande de mise en liberté provisoire mat Audio- a Videokonferenz geschafft ginn, fir dass en Inculpéierte seng mëndlech Erklärungen kann ofginn. Dee Cas de figure war duerch en Terminologieproblem vun der Demande de mise en liberté provisoire net wéi geplangt ofgedeckt. Dës Onkloerheet gëtt elo behiewen.

Eng net onwichtig Ännerung betrëfft en Artikel am Code de procédure civile, wou et em d'Interventioun vun der Justiz am Fall vun haislecher Gewalt geet a wou bei der Aféierung vum Juge aux affaires familiales d'lescht Joer dräi Wieder « ou a cohabité » aus dem Text verschwonne waren. Déi ginn elo erëm bäigesat. Dat huet eng zimlech Inzidenz, well et geet drëm, dass och d'Violence domestique ka belangt gi bei Partner, déi elo net méi zesummeliewen, wou dat awer an der Vergaangenheet war.

Am Gesetz vum März 1980 iwwert d'Organisation judiciaire ginn e puer Richtegstellungen gemaach, fir rezenten an zukünfte Créations de poste Rechnung ze droen. Oublieren oder nach inexakt Renvoien op d'Cellule de renseignement sinn och elo korrigéiert ginn.

Dann hate mer: Am Artikel 181 vum selwechte Gesetz sinn de Regimm vun de Primes d'astreinte fir d'Services de permanence an der Magistratur an dem Personal vun der Justiz elo harmoniséiert, soudass och d'Fonctionnaires an d'Employéee vum Stat, déi de Greffe oder de Sekretariat fir de Ministère public bei der Chambre d'application des peines assurieren, dës Prime d'astreinte kréien, an dëst mat retroaktiver Wierkung op de 16. September 2018.

An am Gesetz vum 7. Juni 2012 iwwert d'Attachés de justice ännere mer schliisslech d'Zesummesetzung vun der Commission de recrutement, fir ze garantieren, dass och den Tribunal d'arrondissement vun Dikrech doranner vertrueden ass.

► **Une voix**.- Aah!

► **M. Charles Margue** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Ech gesinn, dat huet Echoen am Norden.

Dir gesitt, dass mer mat dësem Projet de loi eng Rei Onkloerheeten aus dem Wee raumen an doduerch de Fonctionnement vun der Justiz ënner anerem verbessern. Ech froen lech dofir, Är Zoustëmmung zu dësem Projet ze ginn, a ginn och direkt den Accord vun der grénger Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Margue. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här President. Ech soen och dem Rapporteur Merci fir säi schréfflechen a mëndleche Bericht. De Rapporteur huet net zu Onrecht drop higewisen, dass et ënner anerem bei dësem Gesetzesprojet drëm geet, fir eng Rei Fehler-matérielles oder Onkloerheeten ze behiewen.

Déi Onkloerheeten, déi kommen zum Deel doduerch, dass mer keng Texte-coordonnée méi hu vu wichtege Gesetzzer. An eent vun dëse Gesetzzer ass notament dat iwwert d'Organisation judiciaire, dat heescht d'Organisation vum Fonctionnement vun eise Gerichter.

An ech widderhuelen nach eng kéier déi Bedenken, déi souwuel d'Madamm Modert wéi ech selwer an der Justizkommissioun formuléiert haten, och hei an dem Plenum.

Et ass bedauerlech, och un d'Adress vun dem Justizminister, dass et net méi wéi an der Vergaangenheet koordinéiert Texter gëtt sous forme vu Pabeier. Mir hunn den Zougang zu engem Gesetz nach eigentlech just iwwert den informatésche System vum dem Legilux. An do fënnt een zwar dat ursprénglecht Gesetz, et fënnt een och nach e Verweis op Emännerungen, mä et fënnt ee keen zesammenhängenden Text méi, deen ee kann a senger Ganzheet liesen. An dat ass fir de Bierger sécherlech eng schwierig Aufgab.

Mir kënnen natierlech zu de Leit soen, « nul n'est censé ignorer la loi », keen ass censéiert, fir an Onwëssenheet vum Gesetz ze sinn. Mä souguer fir Praktiker ass dat richtig schwéier, fir de genauen Text nozeliesen.

An Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer soen, mir erlichteren den Accès vun de Bierger zur Justiz, da kann et net sinn, dass de Bierger muss, wéi dat oft elo de Fall ass, deier Recueille bezuele vun och nach auslänneschen Editeurs, fir dann, ech soen, esou en handgefertigten Texte coordonné vu wichtege Gesetzzer ze hunn. Dat ass eng Aufgab vum dem Stat. Dat ass eng Aufgab vun der Exekutiv, mä et ass och eng Aufgab vun der Legislativ.

A fir dat erëm hierzustellen, géife mer de Justizminister froen, fir et an Zesummenaarbecht mat der Chamber, well et ass sengerzäit richtig drop higewise ginn ... En Texte coordonné ass jo net eppes, wat einfach esou zesummegebastelt gëtt, mä en Texte coordonné, dee brauch och niewent dem Text, dee gestëmmt ass, direkt oder indirekt den Assentiment vun dem Legislatureur.

A mir géifen duerfir nach eng kéier eis Fuerderung do widderhuelen, fir dass bei wichtege Gesetzestexter quéesch duerch all Rechtsdomänen, sief dat am Interieur, sief dat an der Justiz, sief dat och an de Finanzen, dass esou Texter dann an där zoustänneger Kommissioun mat virgulecht ginn an dass déi och zumindest den Assentiment vun der Chamber hunn, an dat am Sënn vun enger besserer Liesbarkeet vun eise Gesetzzer an och vun enger Erliichterung vum Zougang zu der Justiz an zu de Gesetzestexter vun de Bierger.

Fir de Rescht ginn ech natierlech d'Zoustëmmung vun der CSV zu dësem Gesetzesprojet.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Roth. Den nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Carole Hartmann** (DP).- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, et geet bei dësem klengen Projet de loi effektiv ënner anerem em eng Rëtsch Erreur-matérielles, déi ze behiewe sinn. Den Exercice ass sécherlech bedauerlech, mä d'Rektifikatiounen awer onëmgänglech.

Ech ginn och net méi op all d'Detailer an, déi scho vum Rapporteur hei mëndlech presentéiert goufen - Merci dofir -, eraspicke wëll ech awer, dass et an Zukunft am Kader vun enger Demande de mise en liberté méiglech ass, dass de Beschëllegten net méi onbedéngt an d'Sitzung muss transferéiert ginn, mä dass en iwwer eng audiovisuell Telekommunikatioun, also eng Aart Videokonferenz, un der Sëtzung kann deelhuelen an esou och à distance zu senger Demande, fir provisoersch aus dem Prisong erauskommen, gehéiert ka ginn. D'DP begreist dës Innovatioun ganz ausdrécklech.

Eréischt d'lescht Woch huet eisen DP-Fraktionspräsident Eugène Berger lech hei dat enorm Potenzial vun der Digitalisierung an d'Chancen, déi sech fir Land a Leit bidden, virgestallt. Jo, och am Beräich vun der Justiz bitt d'Digitalisierung eng ganz Rei Chancen. Ech denken dobäi virun allem un eise Prozeduren, déi mat Hëllef vun technesche Mëttel am Sënn vun all de Justiciabele vereinfacht an acceleréiert musse ginn.

Déi nei geschafte Méiglechkeet vun der audiovisueller Telekommunikatioun ass ee gutt Beispill vun esou techneschen Hëllefsmëttel an der Justiz. Mir sinn domat och an der Kontinuitéit. Mat engem Gesetz vum 1. August 2018 gouf näamlech schonn déi gesetzlech Basis geluecht, fir eng Audition per Videokonferenz ze maachen. Mam Vott vun dësem Projet gëtt dës Prozedur op d'Demande de mise en liberté erwidert.

Mir sollen awer net bei dëser gudder Measure stoe bleiwen. Mir begreissen, datt den neie Koalitionsprogramm do eng Grëtz méi ambitiéis ass wéi dee leschten. Ech ginn d'Beispill vun der Initiativ „paperless justice“, déi soll virugedriwwen ginn. Och dat ass sënnavoll an dréngend noutwendeg. Aktuell zirkuléieren näamlech souwuel op eise Gerichter wéi an den Affekotenetiden ëmmer nach enorm Quantitéiten u Pabeier. Vun de Faxkorrespondenzen tëschent de Confrères net ze schwätzen. Och do musse mir endlech am 21. Jorhonnert ukommen.

Mä och d'Afféiere vun engem generellen audiovisuellen Enregistrement vun ëffentleche Sitzungen um Gericht steet am Koalitionsaccord. Dëst wier besonnesch am Fall vun all de Procédures orales a virun allem a penalen Dosieren, wann et zu engem Appellprozess kënnt, net vu Muttwëll a géif zur Rechtssécherheet bäidroen.

Här President, erlaabt mer, nach e Wuert iwwer eng Remark aus dem Avis vum Parquet général zu dësem Projet de loi ze verléieren! De Parquet général huet a sengem Avis eng Diskussioun opgeworf iwwert den Delai vu 24 Stonnen, innerhalb vun deem eng Persoun, där e Mandat d'amener oder Mandat d'arrêt zougestallt gëtt, muss gehéiert ginn. De Parquet général seet eis, dass et sollt, wéi bei mutmaßlechen Terrorismusinfractionen, eng méiglech Verlängerung vun nach eemol 24 Stonne ginn, fir déi concernéiert Persounen also bis zu 48 Stonne kënnen anzespäre respektiv bis se gehéiert ginn.

Ech wëll op dësem Punkt drop insistéieren, dass mir eréischt mat engem Gesetz vum 8. März 2017, duerch dat mer d'Garantie-procédurallen en matière pénale renforcéiert hunn

an eng ganz Rei Direktiven iwwert d'Droits de la défense transposéiert hunn, e ganz kloer gesetzleche Kader hunn an dass et net opportun ass, ausserhalb vun exceptionnelle Circonstancen déi Maximal-24-Stonnen-Detentioun ze iwwerschreiden.

Ech sinn d'accord, dass et och um Niveau vun der Police an der Justiz zu administrative Vereinfachungen muss kommen, mä un déi 24-Stonne-Maximaldetentioun sollt mir net réckele goen.

Zum Projet vun haut ginn ech den Accord vun der DP-Fraktioun an ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Hartmann. An da wier et um honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei ass, mat Ausnam vun e puer punktuellen Neierungen, déi dra sinn, net onbedéngt dee Projet, wou ee sech als Chamber mat vill Ruhm bekleckert, wann ee laang driwwer schwätzt. D'Chamber huet, och d'Regierung, dat hate mer schonn haut, mengen ech, ...

(Hilarité)

... d'kollektiv Responsabilitéit an deem Ganzen hei. An et ass einfach net gutt, dass mer mussen Texter nobesseren, well Oublie waren oder falsch Renvoie gemaach gi sinn op Artikel. Dat ass net gutt.

Dat kënnt awer och, dat muss ech och soen, vläicht heiansdo duerch eng haseleg Aarbecht, déi mer maachen, wou parallel e puer Gesetzesprojete lancéiert ginn a sech d'zäitlech Verabschidung vun deenen Texter dann decaléiert. An da klappen op eemol d'Renvoien net méi, well mer herno en aneren Text hunn, wéi dat am Ufank de Fall war, wéi d'Projete lancéiert gi sinn. Dat ass eng vun den Erklärungen. Et gi sécherlech nach anerer.

Souwuel d'Chamber wéi och d'Regierung musse sech Gedanke maachen, wéi mer do d'Qualitéit vun den Texter, déi hannen aus der Prozedur erauskommen, wéi eigentlech och déi, déi an d'Prozedur eraginn, esou wäit wéi méiglech kënne verbessern.

Esou Saachen, wéi mer hei amgaange sinn ze maachen, dären eigentlech net virkommen! Loosse mer dat ganz kloer soen! Mir wäerten awer trotzdem deen Text stëmmen, well mer soss, mengen ech, méi Schued uriichten, wéi mer géife Guddes maachen.

Mir haten an der Kommissioun och d'Diskussioun gefouert ronderëm d'Textes coordonnés. Do war zimlech Eestëmmegkeet an der Kommissioun, fir ze soen, et wär gutt, wann ee méi systematesch, wéinstens wierklech bei Texter, déi oft gebraucht ginn, op Texte-coordonnée géif zrëckgräifen.

En Texte coordonné, muss ee wëssen, ass normalerweise keen offiziellen Text. Wann deen net vun der Chamber gestëmmt gëtt, ass et nëmmen en offiziéise Pabeier, deen ee ka mat erunzéien. Mä, wat zielt, dat sinn nach ëmmer déi Gesetzzer, déi gestëmmt gi sinn. A wa sech natierlech eng kéier e Feeler aschläicht an en Texte coordonné, dann dauert et oft ganz laang, wa jee, fir iwwerhaupt nach erauszefannen, dass et e Feeler ass. Duerfir muss ee sech also, mengen ech, och do eng Systematik ginn, wéi een déi Saachen ugeet.

Ech kéint mer virstellen, dass mer souguer vläicht bei wichtege Texter, déi mer hei modifizéieren an der Chamber, gläichzäiteg géifen en Texte coordonné un eisen Text drunhänken an dee géife mer mat ofstëmmen. Dann hätt ee wierklech och e rechtlech verpflichtenden Text.

Also, do gëtt et sécherlech Methoden, déi ee kann hunn, net bei allen Texter. Mä et ass - dat muss ech éierlech soen, well ech och a leschter Zäit eng Partie Recherch gemaach hunn - wierklech laboriéis herno ze soen, wat den definitiven Text ass, wa véier, fënnel Modifikatiounen waren. Duerfir sollt een hei kucken, et ass keng parteipolitesch Fro, dass ee sech do an Zukunft besser Methode gëtt, fir esou Incidenten, wéi mer se hei probéieren erëm guttze maachen, ze verhënneren.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Bodry. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

► **M. Marc Goergen** (Piraten).- Merci, Här President. Dëse Gesetzestext weist, wéi komplex eise juristesche System mëtlerweil ginn ass. Ech schléisse mech der Meenung vum Statsrot a vun der Procureure d'État un, dass mer méi konsolidéiert Versiounen vun eise Gesetzzer brauchen. Dat géif et eis och an der Chamber vill méi einfach maachen, fir eis Recherchen ze maachen an - wisou net? - och ëmmer en Texte coordonné ofzestëmmen.